




Haut den 26. Februar 2022 war den Saisons Optakt vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg. Genee ewéi an de leschte Joren waren mir och dëst Joer duerfir op den Domaine de Sommedieue bei Verdun gefuer wou mir een formidabelen Dag bei beschtem Fréijoerswieder verbréngen konnten. Et haten sech eng 18 Memberen getraff an wann eis Saison dat hält wat den Optakt versprach huet dann stinn eis nach vill schéin Sortien befiert. Moies ewéi mir ukomm sinn war den Räif nach an de Wisen an den Niwwel iwwert dem Waasser, besser kann et jo schonn bal net méi ugoen an den ganzen Dag iwwer konnten mir vum gudden Wieder profitéieren an eis Passioun ausliewen. Schonn am Virfeld vum Optakt konnten eis Fëscher et net méi ofwaarden dass et endlech erëm lass géif goen an awer hunn mir aus Respekt den Kolleegen géigeniwwer een Covid Schnelltest gemaach fir dass mir ouni Bedenken konnten ee schéinen Dag zesummen verbréngen. Mir hunn dann och dëst Joer erëm een kompletten Programm fir eis Fëscher opgestallt an der Hoffnung dass mir Dësen och ewéi geplangt kennen duerch bréngen.











Och dëst Joer, dat ass och schonn bal eng Traditioun ginn, waren d´Krukerten erëm um Rendezvous fir eis, hoffentlech, d´Fréijoer unzekënnegen. Géint néng Auer Moies sinn lues a lues eis Fëscher agetraff an no der obligatorescher Taass Kaffi an ee bëssen Small Talk mat den Kolleegen hunn mir eis dunn awer och direkt fäerdeg gemaach fir et mat deenen villen schéine Forellen opzehuelen déi een zu Sommedieue fänken kann. Et huet net laang gedauert dunn hunn sech déi éischt Erfolleg Erliefnësser agestallt, d´Weieren waren gutt mat kampfstaarke Fësch besat woubäi niewent den Reebou Forellen och déi eng oder aner Bachforell an wonnerschéin gefierften Saiblingen ze fänken waren. Och wat d´Gréisst vun den Fësch ubelaangt sinn all eis Erwaardungen zumindest erfëllt ginn. Ech fir mäin Deel hunn Moies vun deem schéinen Wieder profitéiert fir eis Sortie mat ee puer schéinen Fotoen ze dokumentéieren dann kënnen mir och spéiderhinn eis deen wonnerbaren Fëscherdag nach eng Kéier an gudder Erënnerung halen. Een neien Member war dann

och dës Kéier dobäi, et ass flott dass nach ëmmer Fëscher de Wee an onsereen Club fannen déi am Laf vun hirem Fëscher - Liewen Abee mol Spaass um Méckefëschen fannen an bis elo sinn déi Meeschten vun Hinnen och beim Méckefëschen bliwwen. Den Toni Cardellini, genannt den Tun, war dann och direkt fir dräi Deeg zesummen mat senger Fra ugereest fir ee schéinen Moment zu Sommedieue ze verbréngen. Hien huet sech och direkt gutt agefouert woubäi Hien awer och schonn laang mat der Méck fëscht.










Eis Fëscher waren gutt a Form an konnten vill schéin Fësch fänken, eisen President huet natierlech erëm missen iwwerdreiwen mee keen wonner ass Hien dach och mat all Waasser gewäsch. Alleguerten eis Fëscher hunn sech gutt drunn ginn esou dass et mir net schwéier gefall ass ee puer

flott Motiver ze fannen. Ganz erfreelech ass awer nach eng Kéier ernimmt dass mir och erëm jonk Memberen hunn déi eis bei onseren Sortien begleeden an déi mat grad esou vill Freed bei der Saach waren ewéi déi al Huesen. Natierlech huet et sech och erëm als groussen Virdeel erwisen dass mir den Weier gelount haten an esou ënnert eis waren. Als Nächst steet elo d´Coupe Patrick Riehl un wou mir och hoffentlech erëm genee esou ee schéinen Dag op den Weieren wäerten verbréngen.




















